
Éditioun 2023-2024
STUDÉIEREN ZU
MÜNCHEN
LSM - Lëtzebuerger Studenten zu München

südenergie
fir Lëtzebuerg



# Energie fir haut a muer

**Zanter iwwer 120 Joer versuerge mir Iech zouverlässeg mat Energie – als Fournisseur vun Äerdgas a Stroum an als Gasnetzbedreiwer.**

Eis Haaptaktivitéit war sécher ëmmer den Äerdgas, mee als verantwortungsvollen Acteur um Lëtzebuerger Energiemaart droe mir eisen Deel zu der Energietransitioun bäi.

Zanter 2015 hu mir iwwer 6.000 Projete fir Energie anzespuere bei eise Clientë realiséiert. Eis SUDWAND-millen an eis Fotovoltaikanlage produzéiere lokal gréng Energie, genuch fir 4.500 Haushalter* dermat ze versuergen.

*Haushalt vu 4 Persounen

*Loosst eis zesummen zu der nohalteger Entwécklung bäidroen !*

sudenergie.lu



# Inhaltsverzeichnis

**Virwuert vum President** ........ **5**

**München eng Weltstad mat Häerz** ........ **7**

- Wat muss ee gesinn hunn? 7
- München ↔ Lëtzebuerg 9
- Wat gëllt et net ze verpassen? 11
- Zum Schluss nach e puer Insidertipps 13

**Unien zu München** ........ **15**

- Ludwig-Maximilians-Universität (LMU) 15
- Technische Universität München (TUM) 15
- Hochschule München 17
- Privat Unien 17
- Zentraler Hochschulsport München 19

**Lëtzebuerger Studenten zu München** ........ **21**

- Wat ass den LSM? 21
- Den aktuelle Comité 2023-2024 21
- LSM Aktivitéiten 22

**Getting started** ........ **25**

- Eng kleng Hëllef fir de Start an de Studium zu München 25

best
INGENIEURS-CONSEILS

# Développez vos talents !

best est un groupe pluridisciplinaire d'expertise et de conseil dans le monde de la construction qui occupe près de 185 collaborateurs, dont plus de 120 ingénieurs et techniciens. Pour renforcer notre équipe, nous recrutons régulièrement des ingénieurs, urbanistes, licenciés en sciences environnementales, géomètres et dessinateurs.











plus de projets
sur best.lu

**Faites comme Johny, Anna, Mike ou Jenni : Envoyez votre candidature !**

best ingénieurs-conseils — 2, rue des Sapins — L-2513 Senningerberg
tél.: +352 34 90 90 — jobs@best.lu — best.lu

fwi.lu




# Virwuert vum President

Léif Schülerinnen a Schüler,

Den Ofschloss vum Lycée markéiert net nëmmen de Schluss vun enger wichteger Etapp an ärem Liewen, mee och den Ufank vun enger neier opreegender Rees. Geschwë kennt de Moment an ärem Liewe wou dir viru wichtegen Entscheedunge stitt: Wat soll ech studéieren? Wou soll ech studéieren? Wéi eng Universitéit kënnt fir mech a Fro? Mat där heite Broschür, wëlle mir Iech déi bayresch Haaptstad mat hiren Universitéiten an d'Studenteliewe méi no bréngen, fir Iech esou bei dëser Entscheedung ze hëllefen.

Hei e klénge Abléck an ons spannend an ofwiesslungsräich Stad: München ass net nëmmen eng vun de wirtschaftlechen a kulturelle Metropolen an Europa, mee och en exzellenten Zentrum fir Bildung a Fuerschung. D'Universitéiten zu Münche bidden eng breet Palett u Studiegäng un a sinn international renomméiert duerch hir aussergewéinlech Léier a Fuerschung. Egal ob dir Iech fir Naturwëssenschaften, Ingenieurswiesen, Geeschteswëssenschaften, Ekonomie oder Konscht interesséiert, München huet bestëmmt de richtege Studiegang fir Iech.

D'Münchener Kultur ass ofwiesslungsräich a villfälteg. Vun de weltberüümte Muséeën a Galerië bis zu den traditionelle Béiergäert a liewege Stroossemäert gëtt et hei ëmmer eppes Neies ze entdecken. D'Studenteliewen zu München kennt awer och net ze kuerz, mat ville Clibb, Eventer a Concerte ginn et vill Méiglechkeete fir nei Frënn ze fannen. Vun Relaxen am Englesche Gaart, schwammen an de ville Séien an der Ëmgéigend, bis Schifueren an den Alpen ass wierklech fir jiddereen eppes dobäi!

Den LSM ("Lëtzebuerger Studenten zu München") ass ee vun de gréisste Lëtzebuerger Studentecercleń. De Cercle bitt eng Plattform, wou Studenten sech kënnen ënnert Lëtzebuerger treffen, austauschen an eppes gemeinsam ënnerhuelen. Ënnert anerem organiséiert de Comité vum LSM dat ganzt d'Joer iwwer Stammdëscher, kulturell a sportlech Eventer, Fräibéieren, esou wei flott Reesen. Ausserdeem huet den LSM als Ziel, d'Schüler an d'Studente beschtméiglech z'informéieren an all hir Froen ze beäntweren.



Zum Schluss wënschen ech Iech nach vill Erfolleg fir är Zukunft, wou och ëmmer déi Iech hiféiere wäert. Falls dir weider Froen iwwert München hutt, zéckt net eis unzeschwätzen, eis iwwert Social-Media ze kontaktéieren oder eis eng Email op comite@lsm.lu ze schécken.

Bis hoffentlech geschwënn zu München,

**Felix Schwartz**
**President vum LSM**



LSC Engineering Group

Concevoir et construire des projets durables

LSC Engineering Group est composé de plusieurs sociétés d'ingénieurs-conseils qui associent quotidiennement leur savoir-faire afin de pouvoir répondre aux exigences du marché en matière de génie civil.

La palette de prestations proposées permet d'accompagner le client tout au long d'un projet de construction, de rénovation et/ou de transformation. Avec plus de 40 ans d'histoire, le groupe s'est hissé au niveau des leaders du marché luxembourgeois tout en renforçant sa présence à l'international.




www.lsc-group.lu



# München eng Weltstad mat Häerz

München, déi drëtt gréisste Stad an Däitschland direkt virun den Alpen an un der Isar, ass d'Stad vun de Géigesätz. Op der enger Säit kennt ee München als Weltstad, wou sech international renomméiert Firmen niddergelooss hunn a sech doheem fillen. Eng Stad wou d'Wirtschaft floréiert a wou een typescht Groussstadliewen herrscht. München ass donieft d'Heemecht vun zwou Elite-Universitéiten, der LMU an der TUM. Si bidden nieft der Héichschoul an allen aneren Universitéiten dem Student eng enorm grouss Auswiel u Fächer, déi engem eng optimal Basis fir dat spéidert Beruffsliewe mat op de Wee solle ginn.

Op der anerer Säit ass d'Landeshaaptstad vu Bayern bekannt fir déi typesch „bayrische Gemütlichkeit" a fir hir héich Liewensqualitéit. Top Viraussetzungen also fir een optimale Studium, an deem nieft deem ville Léieren dat typescht Studenteliewen net ze kuerz kënnt. Iwwer 140.000 Münchner Studente profitéieren nieft deene ville Restauranten, Baren an Discoe vun der noer Natur a vun deene bis iwwert d'Grenzen eraus bekannten traditionell bayresche Béiergäert. Parken, Bëscher, Séien an d'Alpen si virun der Dier a suerge fir een optimaalt Gläichgewiicht tëschent Groussstad an Natur. München mécht d'Studienzäit zu engem eenzegaartegen Erliefnis an huet scho méi wéi ee Lëtzebuerger nom Studium net méi goe gelooss.

## Wat muss ee gesinn hunn?

Wann een u München denkt, dann denkt een natierlech un d'**Oktoberfest**, d'**Hofbräuhaus** an un den **FC Bayern München**. Allerdéngs ginn et nach eng Rëtsch aner Saachen, déi dës Stad sou attraktiv fir d'Studente mécht.

Den **Englesche Gaart**, ee vun deene gréisste Parke vun der Welt, ass eng perfekt Plaz fir sech vum heiansdo stressegen Unisliewen ze erhuelen. Direkt nieft dem Haaptgebai vun der LMU geleeën, kann een sech hei am **Eisbach** dreiwe loossen, oder d'Surfer bestaunen, déi sech hei zu all Joreszäit an d'Welle woen.

Bekannt fir säi südlännesche Flair ass de **Gärtnerplatz**, de Mëttelpunkt vum sougenannte Szenevéirel Glockenbach. Hei kann een am beschten novollzéien, firwat München „die nördlichste Stadt Italiens" genannt gëtt. Hei treffen sech jonk Leit fir zesummen ze feieren, ze sangen an natierlech och een ze drénken. Et kënnt net seele vir, dass een Donneschdes hei deen een oder aneren LSM'ler trëfft, deen nom Stammdësch nach net midd genuch fir säi Bett war.

Op der **Münchner Freiheit**, der Haaptplaz vum Staddeel Schwabing, gëtt et engem owes sécher net langweileg. Ob Restauranten, Baren oder Discoen, hei ass fir jiddereen eppes dobäi. Legendär ass d'Schwabinger 7, a Lëtzebuerger Kreesser och „Schwabsi" genannt. Och wann se wéinst enger net explodéierter Bomm aus dem 2. Weltkrich huet misste virun e puer Joer an d'Nopeschhaus plënneren, sou huet se relativ wéineg vun hirem ale Charme verluer. Ëmmer eng gutt Alternativ, wann ee soss net weess wou een owes spéit nach soll higoen.

Vill grouss Manifestatiounen, vu Coldplay, Harry Styles a Taylor Swift bis hin zu den European Championships, fannen am **Olympiapark** statt. Awer och soss ass et ni verkéiert,




# Join our team!



- Ingénieurs R&D
- Ingénieurs Qualité
- Ingénieurs en automatisme

Cebi Luxembourg S.A. • 30, rue J.F. Kennedy • L-7327 Steinsel •
T +352 33 20 71 • hr.lu@cebi.com

**www.cebi.com**





https://www.in-muenchen.de/nightlife/zehn-jahre-neuraum-muenchen-12976811.html

bei guddem Wieder e puer Stonnen hei ze verbréngen. Besonnesch déi exzellent Vue iwwer München vum **Olympiabierg** sollt een sech net entgoe loossen. Falls et engem dach langweileg gëtt, da kann een sech an der **BMW-Welt** direkt donieft déi neiste Modeller vum Münchner Autoshiersteller ukucke goen.

Iwwert d'Grenze raus bekannt ass München natierlech fir seng sëllege **Béiergäert**. Mat typesch bayrescher Musek an engem gudde „**Münchner Helles**" verbréngen d'Münchner gären hir Nomëtteger hei. D'Iesse kann een hei iwwregens vun doheem matbréngen. Am bekanntsten ass hei sécher de „Chinesischer Turm", dee bei de Münchner allerdéngs éischter als Touristenattraktioun verpönt ass. Scho méi beléift sinn zum Beispill d'Seehaus oder de Béiergaart am Hirschgarten.

E Kajo Béier an e Grill, vill méi brauch een net, fir am Summer e gemittlechen Owend um Ufer vun der **Isar** ze verbréngen. Virdeel par Rapport zu deenen anere Plazen: Hei brauch ee keng Killtäsch, vu dass d'Isar an de Bierger entsprényt an sou als ideale Frigo duerhält. Déi beléiftste Plaz ass d'Insel „**Flaucher**", wou een och mol gäre bis an d'Nuecht eran hänke bleift. Hei fënnt och all Joer d'Grillfest vum LSM statt.

Ween sech un engem fräie Summerdag aus München raus wëll woen, deem soll gerode sinn, sech op een vun deenen no geleeëne Séien **Ammersee** oder **Starnberger See** ofkillen ze goen. Hei kënnt ee souguer mat der S-Bahn hin. Wat een op sou engem Séi ka maachen, brauche mer dir jo wuel net z'erzielen.

Wiem elo en Trip op de Séi ze roueg ass, an op der Sich no enger Party ass, dee wäert zu München och sécher eppes fannen. Sief et elo den Neuraum deen direkt mat 5 Raim an d'Renne geet, de Pacha, d'089-Bar oder déi legendär Milchbar. Ganz vill aner Clibb suergen dofir, datt fir jiddereen eppes dobäi ass.



## München ↔ Lëtzebuerg

**Distanz**

Déi meeschte Lëtzebuerger fuere mam Auto op München, well et eng vun deene béllegsten Alternativen ass. Iwwert d'Autobunn sinn et ongeféier 560 Kilometer, woufir een am Duerchschnëtt 5-6 Stonne brauch.

Falls du eng Matfuergeleeënheet brauchs, da besich eis Facebook-Grupp "LSM-Mitfahrgelegenheit", do fënnt een ëmmer deen een oder aneren dee sech op de Wee fir op München respektiv Lëtzebuerg mécht.

Mam Zuch kënnt een och ganz bequeem op München. Hei muss ee fir d'éischt mam Bus vu Lëtzebuerg op Saarbrécken fueren, wat ongeféier 1 Stonn dauert. Duerno geet et da mam Zuch iwwer Mannheim an ongeféier 4 ½ Stonn weider a Richtung München. Eemol den Dag gëtt et och eng direkt







CFL

DE GRÉISSTEN EMPLOYEUR VUM LAND STELLT AN DE FOLGENDE BERÄICHER AN:

Qualité, Génie civil, Architecture, Informatique, Construction, Mécatronique, Mathématiques, Environnement, Électrotechnique, Électromécanique, Gestion de projets, Administrateur BDD, Télécommunication, Sécurité informatique, Développement durable, Administrateur réseaux

FANN EIS OPPE STELLEN A BEWERB DECH OP WWW.JOBSCFL.LU

#WEARECFL




Verbindung mam ICE. De Präis schwankt hei staark an ass ofhängeg dovunner wéi laang een am Viraus bucht. Wann ee fréi un ass, kann ee schonn Angeboter ab 29 € fannen.

Ausserdeem kann ee vun Tréier aus och mat der Busgesellschaft "Flixbus.de" op München fueren. Dat ganzt scho fir de Präis vun 22 €, allerdéngs ass een hei och gutt 8 Stonnen ënnerwee.

Mam Fliger brauch een eng knapp Stonn, allerdéngs muss ee mat arechnen, dass de Franz-Josef-Strauss-Fluchhafen 50 Minutte vum Stadzentrum entfernt ass. Wann ee fréi un ass, kritt een en Allez-Retour bei der Luxair oder der Lufthansa vun 99 € un.



**Ëffentlechen Transport**

München huet e gutt ausgebaut ëffentlech Transportnetz. Mat U-Bahn, S-Bahn, Tram a Bus, kënnt ee séier op dat gewënschten Zil. Déi zoustänneg Gesellschaft ass d'MVG, méi Informatiounen heizou ënnert dem Punkt 'Getting Started'. Alternativ kann ee sech als Student fir 0,05€/min bei der MVG e Vëlo léinen. Mat der App MVGO kann een sech e Vëlo aussichen an am Zentrum brauch een en net mol an enger Statioun ofzeginn. Fir Leit déi vill mam Vëlo ënnerwee wëlle sinn, lount et sech natierlech, en eegene matzebréngen.

**Präisser**

München ass eng vun deenen deierste Stied an Däitschland, wat virun allem op d'Wunnengspräisser zoutréfft. Aner Liewenskäschte sinn am Verglach zu Lëtzebuerg awer manner héich. Ee genaue Verglach ze zéien ass zimmlech schwéier, dowéinst probéiere mir dëst och guer net. Eng wichteg Informatioun fir den zukünftege Student zu München ass awer de Béierpräis, hei kann een sech an deene meeschte Caféë fir 4,00€ op en hallwe Liter freeën. Am Béiergaart kéint et e bësse méi kaschten.

## Wat gëllt et net ze verpassen?

Enn September ass München am Ausnamezoustand, et ass **Oktoberfest**. Hei dréint sech alles ëm Lederhosen, Dirndlen, Liewkuchhäerzer an natierlech ëm de Béier. Wärend gutt 2 Woche besiche méi wéi 6 Millioune Leit dat gréisste Volleksfest vun der Welt. Well sech dëst op der Theresienwiese ofspillt, gëtt et bei de Münchner éischter „Wiesn" genannt. 7,3 Millioune Liter Béier goufen 2019 verkaaft. Den LSM organiséiert all Joers eng Intercercle um Oktoberfest, bei där Studenten aus anere Cerclen d'Méiglechkeet kréien de Münchner Béier ze schmaachen.



Zwee mol am Joer gëtt zu München den **Tollwood-Festival** organiséiert. De Wanter-Tollwood ass ëmmer wärend der Adventszäit op der Theresienwiese, wärend de Summer Tollwood am Juni/Juli am Olympiapark ass. Dëse Festival ass haaptsächlech doduerch bekannt datt en ënnert dem Motto vun der Ëmweltfréndlechkeet an Nohaltegkeet steet. Hei kann een e bësse méi „alternativ" Produiten entdecken, souwuel kulinaresch ewéi och op klenge Stänn, wou ee vum Regenmacher bis zum Räucherstäbchen alles kafe kann. Bei där Geleeënheet organiséiert den LSM dann och all Joer souwuel am Summer wéi och am Wanter ee Stammdësch um Tollwood-Festival.

Mëtt Abrëll ass op der Theresienwiese wärend zwou Wochen **d'Frühlingsfest**, och bekannt als déi „kleng Wiesn". Hei gëtt et usech alles wat et och um richtegen Oktoberfest gëtt, just







LANCEZ-VOUS DANS
l'aventure entrepreneuriale
AVEC CONFIANCE !



NOUS VOUS DONNONS UN COUP DE POUCE
POUR FINANCER VOTRE PROJET !

En savoir plus sur
l'aide primo-création

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
POWERING BUSINESS

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie
Direction générale des classes moyennes





eben an enger anerer, et kann ee wuel duerchaus soe méi heemlecher Dimensioun. Dëst Volleksfest ass generell méi gemittlech a méi entspaant wéi säi grousse Brudder, a genee dowéinst geet den LSM och all Joers mat sengen Memberen e ganzen Dag an d' Festzelt „Bayernland" um Frühlingsfest.

Wärend der Chrëschtzäit gëtt et zu München gefillt op all Eck ee **Christkindlmarkt**. Dee bekanntsten, awer deementspriechend och touristeschsten, ass um Marienplatz an zitt sech queesch duerch déi ganz Foussgängerzon bis op de Stachus, wou och eng léif Schlittschongpist opgeriicht gëtt. Ee vun dëse Chrëschtmäert sollt een op alle Fall besichen an dovunner profitéieren, fir mat Frënn a Kolleegen eng Taass Glühwäin ze drénken.

## Zum Schluss nach e puer Insidertipps

Den **Augustiner** ass warscheinlech dee beléiftste Béier ënnert de Münchner Studenten an och generell bei der lokaler Bevëlkerung. Dëse gëtt, genee wéi vill aner Marken, och an de sëllege Béiergäert zu a ronderëm München gezaapt a genoss. Generell kënnt ee souwisou schwéier laanscht de gudde **Münchner Béier**, wann een an dëser schéiner Stad studéiere wëll.

Matten am Häerze vum Glockenbachvéierel gëtt et een Imbiss, an deem wuel déi meescht Münchner Studente fréier oder spéider eng Currywurscht iesse fir sech entweder op eng laang Nuecht virzebereeden oder se ofzeschléissen. Et kann ee wuel behaapten datt de **Bergwolf** schonn eng Aart Institutioun a Saachen Imbiss-Iessen ass.

Niewent der BMW-Welt a BMW-Museum gëtt et zu München zu Freimann och nach d'**Motorworld München**. Dës ass näischt aneres wéi en 75.000m² grousse Showroom fir allméiglech Luxus-Autoen an Oldtimeren. Hei ass fir all Autos-Libhaber eppes dobäi: vu McLaren iwwer Lamborghini bis Ferrari gesäit een hei alles. An der Motorworld ass esouguer eng Bugatti-Garage. D'Entrée ass hei iwwregens gratis!

An engem Hörsaal um TU-Stammgelände kann ee sech all Dënschdes Owes am **TU-Kino** al an nei Filmer fir wéineg Geld a bei gudder Atmosphär ukucken.

A fir all déi sportbegeeschtert ënnert iech huet München och méi wéi genuch ze bidden. Nieft dem Münchner Fussballtempel, der Allianz Arena, gëtt och nach a villen anere Sportaarten Ënnerhalung op héchstem Niveau gebueden. Hei kann een zum Beispill nach den Äishockey an de Basket ervirhiewen, déi momentan och zimmlech virbäi matspillen.





D'Äishockey-Equipe vum **EHC Red Bull München** spillt säit der Saison 2010/11 an der DEL, der héchster däitscher Liga, an ass mëttlerweil souguer véier Mol däitsche Meeschter ginn. Als Student kann ee schonn ab 13€ déi spektakulär Matcher an den Olympia-Äisstadion, deen niewent dem Olympiatuerm läit, kucke goen. Meeschtens ginn et souguer nach Ticketen an der Oweskeess, falls een eng Kéier spontan ee Match wëll kucke goen.

Mam **FC Bayern Basketball** spillt nach eng Equipe aus München an der éischter Liga mat. Hir Heemmatcher spillen se am Audi Dome um Heimeranplatz. Mat e bësse Chance begéint een hei och mol gären deen een oder anere bekannte Fussballspiller vu Bayern München. Als Student kritt een hei schonn Tickete fir den Präis vu 7€.












# Unien zu München

## Ludwig-Maximilians-Universität (LMU)

D'Ludwig-Maximilians-Universitéit München, 1472 zu Ingolstadt gegrënnt, ass vun der Studentenzuel hir déi 3. gréisst däitsch Uni a, laut Rankings, déi zweet bescht Uni a ganz Däitschland.

Op insgesamt 18 Fakultéiten verdeelt, forschen an ënnerriichte ronn 800 Professeren an Professerinnen souwéi ongeféier 6.000 wëssenschaftlech Mataarbechter. Am Wantersemester 2022/23 waren op der LMU ronn 52.000 Studenten immatrikuléiert, vun deene ronn 10.000 aus dem Ausland kommen.

D'Beléiftheet vun der LMU - net zulescht och ëmmer méi bei Lëtzebuerger Studenten - erklärt sech zu engem groussen Deel duerch dat villfältegt Fächerangebot, dat een an deem Mooss nëmmen op ganz wéinegen aneren däitschen Universitéiten fënnt. Aus engem Angebot vun 150 Studieméiglechkeeten a sëlleche Kombinatiounsméiglechkeeten kann ee sech de perfekte Studium eraussichen.

Déi ronn 150 Studieméiglechkeeten decken ee breede Spektrum of, vu Kultur- a Rechtswëssenschaften iwwert Wirtschafts- a Sozialwëssenschaften bis hin zur Medezin an den Naturwëssenschaften. Just d'Ingenieurswëssenschafte sicht een hei ëmsoss.

[www.lmu.de]





## Technische Universität München (TUM)

D'Technesch Universitéit München gouf 1868 als Polytechnesch Héichschoul vum bayresche Kinnek Ludwig II. gegrënnt. Eréischt 1970 krut si hiren aktuellen Numm. Méttlerweil ass d'TUM, laut Rankings, déi beschten Uni a ganz Däitschland an déi bescht Uni an der ganzer EU.

D'TUM bitt 180 Studiegäng un, an ass a 8 Fakultéiten („Schools") opgedeelt, mat ca. 50.000 Studenten, knapp 640 Professeren an iwwer 11.000 Mataarbechter.

D'Fakultéite sinn op 7 Campusse verdeelt a leie verstreet duerch ganz München an Ëmgéigend mat Ausnam d'TUM Asia wou den Campus zu Singapur läit.

Den Haaptcampus läit am Stadzentrum an der Arcisstraße, wou sech d'Architekturfakultéit, d'Fakultéit fir Wirtschaftswëssenschaften, d'Ingenieursfakultéit (Bau Geo an Ëmwelt) an nach deelweis d'Fakultéit fir Elektro- an Informatiounstechnik befannen.

Zu Garching sidelen sech ronderëm déi zwee Fuerschungsreakteren vun der TUM d'Fakultéite fir Physik, Chimie, Mathematik, Informatik a fir Geowëssenschaften un. Zousätzlech besetzt d'Fakultéit fir Maschinewiesen zënter 1997 um Campus zu Garching eent vun deene modernste Fuerschungsinstituter an Europa.







Déi theoretesch, souwéi déi praktesch Coursen vun der Fakultéit fir Sport- a Gesondheetswëssenschaften fanne mëttlerweil erëm um frësch renovéierte Campus am Olympiapark statt.

Ronn 30km wäit ewech vu München, zu Weihenstephan bei Freising, ass ee Wëssenschaftszentrum fir Ernährung, Landnutzung an Ëmwelt ënnerbruecht. Verschidde Studiefakultéite befanne sech hei: Agrar- an Gaardebauwëssenschaften, Biowëssenschaften, Brau- an Liewensmëtteltechnologie, Ernährungswëssenschaft, Forstwëssenschaft an Ressourcemanagement souwéi Landschaftsarchitektur a Landschaftsplanung.

Ausserdeem schafft déi eelste Brauerei vun der Welt „d'Bayerische Staatsbrauerei Weihenstephan" an enker Zesummenaarbecht mat der TUM.

D'Fakultéit fir Lehrerbildung an Bildungs-fuerschung ass an der Marsstraße ënnerbruecht.

Beim Studiegang Medezin ass et schonn e bëssen méi kompliziéiert. Déi éischt 4 Semesteren bis zum sougenannten „Physikum" ass een duebel immatrikuléiert. Et ass een also op der LMU souwéi och op der TUM ageschriwwen. Duerno muss ee sech fir eng vun deenen zwou Unien entscheeden. Jee nodeem fir wéi eng Uni ee sech entscheed, ass een duerno an der Géigend vum Klinikum rechts der Isar (TUM) oder deelweis an der Innenstadt an deelweis am Klinikum Großhadern (LMU).

[www.tum.de]

## Hochschule München

D'Héichschoul zu München ass déi gréissten Héichschoul fir ugewannte Wëssenschaften a ganz Bayern an déi zweetgréissten an Däitschland.

14 Fakultéiten aus de Beräicher Technik, Wirtschaft, Soziales an Design bidden eng Ausbildung an iwwer 70 verschiddene Studiegäng un.



Déi 14 Fakultéite verdeele sech op 3 verschidde Campussen. De Campus an der Lothstraße ass dee gréissten vun deenen 3 an ass domat och den Haaptsëtz vun der Héichschoul.

Am Münchner Westen zu Pasing befannen sech zwou weider grouss Fakultéiten: Betriebswirtschaft an ugewannte Sozialwëssenschaft.

Deen drëtte Campus läit an der Karlstraße an der Géigend vum Karlsplatz (Stachus) am Zentrum vu München. D'Fakultéiten fir Architektur, Bauingenieurswiesen a Geo-informatioun sinn hei ënnerbruecht.

500 Professeren an Professerinnen souwei 700 Mataarbechter betreien déi ronn 18.500 Studenten.

Duerch dat am Studium integréiert Praxis-semester kënnen d'Studente scho fréi Firmekontakter opbauen, souwéi wäertvoll Beruffserfahrung sammelen. Do ass et fir d'Studenten vun Virdeel, dass d'Héichschoul München mat ville lokale bis internationalen Entreprisen vernetzt ass.

[www.hm.edu]

## Weider Unien

- Hochschule Fresenius
  [www.hs-fresenius.de]
- Munich Business School (MBS)
  [www.munich-business-school.de]
- Campus M21
  [www.campusm21.de]
- Akademie der Bildenden Künste
  [www.adbk.de]
- Akademie Mode und Design (AMD)
  [www.amdnet.de]
- Hochschule für Film und Fernsehen München (HFF)
  [www.hff-muenchen.de]
- Hochschule für Musik und Theater
  [www.musikhochschule-muenchen.de]
- Hochschule für Philosophie München
  [www.hfph.de]
- International School of Management
  [www.ism.de]
- Mediadesign Hochschule für Design und Informatik
  [www.mediadesign.de]










Au2 CABINET D'INGENIEURS-CONSEILS AuCARRE





Unser Ingenieurbüro ist in den Bereichen des Hochbaus, der Tragwerks-und Infrastrukturplanung über die komplette Projektabwicklung tätig.

Scan me !

Zur Verstärkung und Ergänzung unseres Teams suchen wir:

EINEN DIPLOM-BAUINGENIEUR / MASTER (M/W)
FÜR UNSERE HOCHBAUABTEILUNG

EINEN DIPLOM-FACHINGENIEUR IM HOLZBAU / MASTER (M/W)

---

EINEN DIPLOM-BAUINGENIEUR / MASTER (M/W)
FÜR UNSERE TIEFBAUABTEILUNG

EINEN BAUZEICHNER (M/W)
FÜR UNSERE TIEFBAUABTEILUNG

Idealerweise liegen bereits mehrere Jahre Berufserfahrung vor,
Sie sprechen Französisch, Deutsch und Luxemburgisch,
Sie fühlen sich bei der Beschreibung motiviert, interessiert und gruppenorientiert angesprochen.

Wir wiederum bieten ein interessantes, dynamisches und vielfältiges Aufgabenfeld
mit der Möglichkeit zur Weiterentwicklung in einem nachhaltig aufgestellten Büro.

Wir freuen uns über Ihre aussagekräftigen Bewerbungsunterlagen,
die uns einen ersten Eindruck für weitergehende persönliche Gespräche ermöglichen.

secretariat@aucarre.lu – www.aucarre.lu







# Zentraler Hochschulsport München

Den ZHS ass déi perfekte Méiglechkeet fir sech niewent dem Studium e bëssen ze beweegen a fir bei deem deftege bayreschen Iessen e bëssen a Form ze bleiwen.

D'ZHS ass mat iwwer 125.000 Studenten an iwwer 17.000 aktive Participante pro Semester déi gréissten Héichschoulsportariichtung a ganz Däitschland.

Ausserdeem ass bei iwwer 600 Eenzelveranstaltunge pro Semester an iwwer 100 verschiddene Sportangeboter fir jiddereen eppes dobäi. Do kann ee vun Aerobic iwwer Fussball an Kanufueren bis hin zu Ënnerwaasserhockey alles maache wat d'Häerz begiert.



D'Sportanlagen um TU Campus am Olympiapark bidden als fréiert Olympiagelände déi perfekte Viraussetzunge fir déi sportlech motivéiert Studenten. Op där ronn 45 ha grousser Anlag befanne sech ënner anerem 11 Sportshalen, eng Fräisportanlag mat 15 Fussballsterrainen, ronn 20 Beachvolleyballsterrainen, engem Klotertuerm, enger Tennisanlag mat 22 Terrainen an enger Golfübungsanlag.




Ausserdeem steet engem nach den Trainingsbaseng vun der Olympiaschwämm zur Verfügung, souwéi d'Waassersportplaz um Starnberger See (Segelen, Surfen), d'Olympia-Regatta-Anlag (Kanu, Rudderen) zu Oberschleißheim, an natierlech d'bayresch Alpen fir den Bierg- an Wantersport – ee besonnesche Standortvirdeel vu München.

Fir de Präis vun 12,00 € d'Semester, dierf ee sech dat net entgoe loossen.

Fir weider Informatioune souwéi fir dat komplett Sportangebot besicht de Site:

[www.zhs-muenchen.de]







# ACEL- De Studentevertrieder

Mir sinn fir dech do!
Virun, wärend an no dengem Studium!

ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN

Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.



Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



## REGRUPPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



contact@acel.lu www.acel.lu @acelluxembourg

ACEL - de Studentevertrieder ACEL - de Studentevertrieder



# Lëtzebuerger Studenten zu München

## Wat ass den LSM?

D'Lëtzebuerger Studenten zu München, kuerz den LSM, sinn an Tëschenzäit gutt **200 Studenten**. Gegrënnt gouf den LSM virun enger gudder Zäit vun enger Handvoll Studenten, déi eng Plattform ubidde wollten, wou sech Studente kenneléieren an austausche kënnen.

Traditionell soll de Cercle also **Kontakter erméiglechen**, Informatiounen ubidden a fir een ongezwongent Matenee suerge fir déi ëmmer méi grouss Gruppe vu Studenten, déi op München kommen. Nieft dësen Ziler probéiert eise Cercle natierlech och méi wéi de Standard-Programm unzebidden.

Den LSM bitt am Laf vum Joer eng ganz Partie **Aktivitéiten an divers Reesen** (Welcome Day, Skiweekend, Chrëschtfeier, etc.) un. Donieft kënnt och de sportlechen Aspekt mat Fussball, Volleyball a Basket, esou wéi Spikeball net ze kuerz.

Säit 2015 organiséiere mir och all Joers eisen **Oktoberfest-Intercercle**. Heibäi handelt et sech em en Event wou Studenten aus de verschiddenste Cerclen aus anere Stied zesummekommen an do wärend 3 Deeg souwuel d'Staad an eise Cercle wéi och nei Leit kenneléiere kënnen.

Eis wichtegst Aktivitéit vum Joer ass allerdéngs de **Münchner Bal** op Ouschtersonndeg, deen ëmmer erëm e grousse Erfolleg ass an dee genuch Geld an d'Cercle-Kees spullt, fir dass mir de Memberen all dës Aktivitéiten ubidde kënnen.

Mat eise Partner-Entreprisen organiséiere mir och **Soirées de Rencontre**, wou een an ongezwongener Atmosphär d'Entreprise kenneléieren a Kontakter maache kann.

Et fënnt een eis och all Donneschde ab 21:00 op eisem **Stammdësch** an der Klenze17, am beléifte Glockenbachviertel.

## Den aktuelle Comité 2023-2024

De 24. Juni 2023 gouf den aktuelle Comité gewielt.

**President:** Felix SCHWARTZ
Studiegang: Wirtschaftsinformatik

**Tresorière & Vize-Presidentin:** Maya LENERTZ
Studiegang: Umweltingenieurwesen

**Sekretärin:** Jil JUNG
Studiegang: Geographie

**Sportsministesch:** Anna SCHREIBER
Studiegang: Geographie

**Team Events:** Lynn HUIJBEN
Studiegang: Sprachtherapie

**Team Events:** Yann WINDESHAUSEN
Studiegang: Kompositioun

**Webmaster:** Louis EWEN
Studiegang: Informatik



**Comité 2023-2024**

**Responsable Sponsoring:** Max GERMEAUX
Studiegang: TUM-BWL

**Maskottchen:** Da SEPPL
Studiegang: Brauwesen



# LSM Aktivitéiten

Hei dann eng e bësse méi genau Beschreiwung vun deenen eenzelen Aktivitéiten vum LSM.

Déi leschte Aktivitéit vum ale Comité ass d'**Assemblée Générale**. Si markéiert gläichzäiteg den Ofschloss vum alen an den Ufank vum neie Joer. Hei gëtt fir d'éischt deen ale Comité offiziell opgeléist an duerno deen neie gewielt.

Déi éischt Aktivitéit vum neie Comité ass traditionell d'**Grillen um Flaucher**. Um Ufer vun der Isar gëtt bei guddem Wieder op Käschte vum LSM déi nei Legislaturperiod gestart.

Vu dass d'Assemblée ëmmer relativ spéit am Summersemester stattfënnt ass dëst, nieft dem ACEL's Bal, déi eenzeg Aktivitéit vum neie Comité an deem Semester. Um **ACEL Studentebal** ass den LSM natierlech och ëmmer mat engem Stand vertrueden, wou et zënter der Editioun vun 2017 den neie „Blue Seppl Shot" ze kafe gëtt.

Um **Ersti-Pubcrawl** gëtt et en éischt Kenneléiere vun de neie Studenten an dem Comité. A klenge Gruppen entdeckt een hei de verschidde Baren a Caféë vu München, wou sécherlech och ëmmer den een oder anere Geheimtipp derbäi ass.

Mëtt Oktober geet dann dat neit Wantersemester un, an domat stinn och erëm eng Rei Aktivitéite vum LSM um Programm, ugefaange mam **Welcome Day**. Kuerz nom Semesterufank geet et hei haaptsächlech drëm déi nei Studenten zu München z'empfänken an hinnen d'Stad an den LSM ze presentéieren. Mee och déi, di scho méi laang dobäi si kommen hei op hir Käschten. No engem Rallye mat verschiddene Statiounen queesch duerch den Zentrum vu München an Aufgaben esou wéi Froebéi iwwert de ganze Mëtteg verdeelt, geet et dann nach fir déi iwwert 100





Participanten an de Restaurant. Dëst fënnt allerdéngs zum gréissten Deel ënner harmlose Konditioune statt an et wäert kee verschreckt ginn. Also zéckt net dorun Deel ze huelen an nei Leit kennenzeléieren.

Mëtt November organiséiert d'ACEL déi traditionell **Foire de l'Etudiant**. Den LSM ass dann och hei mat engem Stand vertrueden, informéiert 1e an 2e Schüler an hofft der puer dovun dono zu München begréissen ze kënnen.

Ufank Dezember kënnt de Kleeschen op der traditioneller **Chrëschtfeier** op Besuch. No engem Pättche geet et dann an ee Restaurant. Wann den Honger da bis gestëllt ass, kënnt de Kleesche mat senge Geselle laanscht, a wee weess, vläicht hunn d'Memberen sech jo geschéckt an et gëtt ee klenge Kaddo.

An der Chrëschtvakanz heescht et dann erëm: Feierdagsspeck lass ginn. Eng gutt Méiglechkeet duerfir bidd den **Tournoi de Noël**, deen d'ACEL all Joër zesumme mat der LASEL organiséiert.

Am Fussball, Basket an am Volleyball konkurréieren déi verschidde Cerclen, fir déi beschte Plaz ze beleeën. Natierlech huet och den LSM all Joer an all Sportaart eng Ekipp um Start. Am Virdergrond steet hei allerdéngs de Spaass an d'Erëmgesi vun de Kolleegen aus anere Stied. Trotzdeem gëtt ëmmer jidderee säi Bescht a vläicht spréngt um Enn souguer eng Coupe fir München dobäi eraus.

Am Joer 2012 goufen an dësem Kontext och d'**LSM Ultras** an d'Liewe geruff, déi an deenen Deeg fir vill Stëmmung gesuergt hunn an als éischte Fanclub vun dësem Tournoi an d'Geschicht wäerten agoen.













Am neie Joer steet dann direkt den nächsten Highlight virun der Dir: De **Ski-Weekend zu Kitzbühel**. All Wanter organiséiert de Comité eng Rees op d'Sonnalm zu Kitzbühel, ee klengen Hotel dee sech direkt nieft der Pist befënnt. Déi perfekte Plaz fir Mëttes Ski rsp. Snowboard fueren ze goen an Owes beim Après-Ski ongestéiert an der Schirmbar deen een oder anere Béierche genéissen ze kënnen.

Ier et no eiser Semestervakanz am Fréijoer erëm zeréck op München geet steet awer nach dee wuel wichtegsten Datum fir den LSM um Programm, an zwar de **Münchner Bal**. Dëse fënnt traditionell op Ouschtersonndeg am Melusina statt. Mat guddem Münchner Augustiner Béier an traditioneller Tracht soll dëse Bal e bësse bayresch Atmosphär op Lëtzebuerg bréngen. Vill engagéiert Membere vum LSM schaffen hei Hand an Hand fir iwwer 1000 anere Studenten an och net-Studenten en flotten Owend z'erméiglechen.

Den 1. Mee fënnt dann och all Joer de **Wanderdag** vum LSM statt, wou d'Ausdauer vun eise Memberen e bëssen op d'Prouf gestallt gëtt.

D'Highlight vum Summersemester ass awer d'**LSM -Summerrees**. De Weekend vu Christi Himmelfaart organiséiert de Comité all Joer eng Rees an eng europäesch Groussstad. Ob Budapest, Malta oder Turin, den LSM huet an





deene leschte puer Joer scho vill flott verlängert Weekender ausserhalb vu München verbruecht. Wouhin et geet bleift awer bis d'Chrëschtfeier ee Geheimnis vum Comité.

Du krus elo e globalen Iwwerbléck iwwert d'Haaptaktivitéite vum LSM. Dat ass awer natierlech nach laang net alles: **Volleybal-Tournoi** esou wéi weider sportlech Aktivitéiten, **Stammdësch** Donneschdes Owes, Karting fueren, **Beerpong-Tournoi**, Bowling spille goen, etc...

Langweileg gëtt et engem am Wanter wéi och am Summer sécher net.

Méi Informatiounen iwwer eis Aktivitéite fënns de am Laf vum Semester op eiser Instagram-Säit **[da_seppl_lsm]**, an eiser Facebook-Grupp **[Lëtzebuerger Studenten zu München - LSM]** oder op eiser Website **[lsm.lu]**.

Fir déi meescht Aktivitéite kanns du dech ganz bequem op eiser Websäit umellen, nodeems du dir do en Account gemaach hues.

Bei weidere Froen, zéck net a schéck eng Mail un

**[comite@lsm.lu].**










Schroeder & Associés

1961 gegrënnt

35% Fraen

450 Mataarbechter
(57% Ingenieuren, 31% Techniker + Zeechner, 12% Support+IT+Adm.)

22 Nationalitéiten

16 lëtzebuerger Associéen

38 Joer : Duerchschnëttsalter




Ingenieuren aus de Beräicher Génie civil, Elektromechanik, Génie mécanique, Emwelt Geographen, Biologen, Geologen, Hydrologen, Urbanisten, Geometeren/Topographen, Informatiker oder Bauphysiker

Scan it!

- A mir schléisse kee Beräich aus, deen innovativ ass !


Iwwert 100 Studenten all Joer!
E Stage ass vill méi wéi just eng Pai. Duerfir zéckt net eis ze kontaktéieren !


Mail eis däin CV mat Motivatiounsbréif op **jobs@schroeder.lu**


bliothèque nationale de Luxembourg


Château d'eau Ban de Gasperich


Tram rapide entre Agglo LUX et Agglo SUD


Station d'épuration Bleesbrück (extension)


Hall des Sports Bridel




# Eng kleng Hëllef fir de Start an de Studium zu München

**Logement**

Et ass an deene leschte Joren net méi einfach ginn, fir zu München eng Wunneng ze fannen. Am beschten ass et, et hëlt een sech direkt e puer Deeg Zäit fir op München ze fueren an direkt op der Plaz no Wunnengen ze sichen. Dat huet de Virdeel, dass ee Besichtegungsterminer fir den Dag selwer oder den Dag drop och kann unhuelen, wouduerch d'Chancen op eng Zouso natierlech klammen. Ausserdeem ass et vu Virdeel, wann een op eng Annonce telefonesch äntwert, well een op eng E-mail oft keng Réckmeldung kritt. Zousätzlech sollt een, falls méiglech, zesumme mat den Elteren op déi jeeweileg Besichtegunge goen (ausser et handelt sech em eng WG). Dat erhéicht nach emol d'Chancen, well et e besseren Androck mécht, a well déi bayresch Vermieter oft eng sougenannte "Bürgschaft" vun den Eltere verlaange fir sech ofzesécheren, falls du als Student de Loyer net méi kéints bezuelen.

Hei sinn elo puer Ideeë wou ee kucke ka fir eng Wunneng ze fannen:

<u>Wichteg Internetsäiten:</u>

[www.immobilienscout24.de]
[www.wg-gesucht.de]
[www.die-wg-boerse.de]
[www.mitwohnzentrale.de]
[www.mwz-munich.de]
[www.kleinanzeigen.de]

<u>Süddeutsche Zeitung (SZ):</u>

Freides ass ee groussen Immobiliendeel an der SZ. Wann een eng Chance wëll hunn, muss een d'SZ schonn Donneschdes owes kafen (géint 18.30 Auer an der U-Bahn-Statioun um Marienplatz).

Et kann een och direkt bei hinnen op der Internetsäit kucken:

[www.immobilienmarkt.sueddeutsche.de]

<u>Studentenwerk München:</u>

[www.studentenwerk-muenchen.de/wohnen]

D'Studentenwerk vermëttelt Zëmmeren a Studentenheemer wei z.B. déi am Olympiaduerf. Hei muss een allerdéngs oft e puer Semester waarde bis eppes fräi gëtt. Et kann een Eenzelwunnengen oder WG-Kummere kréien, déi vun der Gréisst hir zwar meeschtens zimmlech iwwersiichtlech, mat engem Präis vun ongeféier 300€/Mount waarm um Münchner Wunnengsmaart awer immens gënschteg sinn.

**TIPP:** Mell dech bis Mëtt Juli bei der Zimmerverlosung vum Studentenwerk un, fir och als Erstsemester eng Chance ze hunn, direkt an e Studentenheem ze kommen.

D'Privatzimmervermittlung vum Studentenwerk vermëttelt och gënschteg Wunnengen a Kummere vu Privatleit. Des Offertë kann een op hirem Site awer just gesinn, wann een seng Immatrikulatiounsbescheinegung areecht.

<u>Schwaarz Brieder:</u>

Déi befannen sech an de Kantinnen/Mensaen: Entweder d'Mensa vun der LMU an der Leopoldstr. 15 oder Mensa vun der TU an der Arcisstr. 17.

D'Lëtzebuerger Studenten bezuele meeschtens tëscht 600 an 900 Euro de Mount. De Präis hänkt natierlech vun der Lag zu München of an ob een eleng oder an enger WG wunnt.






Zum Schluss bleift nëmmen nach ze soen: net direkt bei der éischter Wunnengsofso verzweiwele mee haartnäckeg bleiwen, da klappt dat schonn. Vill Gléck!

**Einwohnermeldeamt (Openthaltsgeneemegung)**

Jidderee muss säi Wunnsëtz beim Kreisverwaltungsreferat (KVR) umellen, soubal en zu München wunnt. Dofir huet en nëmmen zwou Wochen Zäit(!) an et muss een sech am Viraus e Rendezvous op engem vun deene puer KVRs zu München huelen.

Dokumenter déi ee mathuele muss:

- Carte d'Identitéit oder Pass
- Wohnungsgeberbestätigung (kritt ee vum Vermieter)

Weider Informatiounen zu den Dokumenter an d'Adresse fannt der um Site vun der Stad München:

[bit.ly/muc-kvr]

**Banke**

Wann ee beim Einwohnermeldeamt war, kann een, wann een wëll, och e Kont bei enger Bank opmaachen. Eng gënschteg Méiglechkeet ass z.B. d'Postbank oder Stadtsparkasse zu München, well een do keng sou héich zousätzlech Käschte bei der Iwwerweisung vu Lëtzebuerg op München huet.

Donieft ass d'Postbank Member vun der „Cash Group“, sou dass ee bei ville Banke keng Käschte beim Ophiewe muss bezuelen. Zu der “Cash Group” gehéieren d'Commerzbank, d'Deutsche Bank, d'HypoVereinsbank an d'Postbank.

D'Unzuel u Cashgroup-Bancomaten ass allerdéngs genausou héich wei d'Unzuel u Bankomater vun der Stadtsparkasse, déi och e Bancomat zu Garching um TU-Campus huet.

**Krankeversécherung**

Duerch d'Sozialversécherungsofkommes tëscht Däitschland a Lëtzebuerg, muss ee keng Krankeversécherung zu München maache wann een zu Lëtzebuerg versëchert ass. Allerdéngs brauch ee fir d'Immatrikulatioun op der Uni eng Bestätegung, dass ee vun der gesetzlecher Krankeversécherung befreit ass. Sou eng Bestätegung kritt een op all gesetzlecher däitscher Krankekeess.

Fir déi Bestätegung ze kréien brauch ee just eng Krankekeesskaart (Carte de la sécurité sociale), déi gülteg a ganz Europa ass.

Eng Krankekeess wou een zum Beispill kann higoen ass d'AOK.

Adress:

AOK
Landsberger Str. 150-152
D-80339 München
Tel.: (089) 54 44-0

**Internet/Fernseh/Telefon**

All Student brauch natierlech Internet an dofir ginn et och genuch Méiglechkeeten. Et gëtt a präislecher Hisiicht eng grouss Auswiel.

Déi eng hu just Internet, anerer hunn Internet a Fernseh, oder souguer Internet, Fernseh an Haustelefon. Do muss dann natierlech jidderee fir sech kucke wat e wëll. An der



Reegel muss een do och en Vertrag vun 2 Joer ofschléissen. Nëmmen Internet kann ee scho fir 10 bis 15€ de Mount kréien.

Am Beschten ass et, et vergläicht ee Präisser am Internet, zum Beispill bei:

[www.toptarif.de]
[www.check24.de]
[www.verivox.de/multi-product/]

**Elektresch**

Fir dass een dann an senger neier Wunneng net am Däischtere sëtzt, brauch een natierlech och Elektresch. Hei huet een alt erëm eng riseg Auswiel u Stroumubidder zur Verfügung.

Eng Méiglechkeet wier zum Beispill den “M-Strom” vun de Stadtwerke München:

[www.swm.de]

Eng aner Méiglechkeet wier “Yello Strom” oder “e-on”, wou ee souwuel Stroum wei och Gas kritt:

[www.yellostrom.de]
[www.eon.de]

Donieft ginn et awer natierlech nach vill aner Ubidder. Am beschte vergläicht een déi verschidde Präisser am Internet, wei z.B. op der Säit:

[www.check24.de]

oder op deenen eenzele Säite vun deene verschiddenen Ubidder.

**Münchner Verkehrs Verbund (MVV/MVG)**

Säit Mee 2023 gëtt et an Däitschland de sougenannten Deutschlandticket („49-Euro-Ticket“), mat deem een a ganz Däitschland den ëffentlechen Transport (ausser EC, IC an ICE) benotze kann. Mat deem Ticket kann een dann natierlech och den ëffentlechen Transport am gesamten Netz vun der MVV (U-Bahn, S-Bahn, Tram a Bus) zu München benotzen.

Saït dem 1. September 2023 gëtt et a Bayern zousätzlech de sougenannten 29€-Ticket. Dëst ass en präislech reduzéierten Deutschlandticket fir d'Studenten, deen nëmmen 29€ pro Mount kascht. Domadder ass dat dann och déi bëllegst Optioun fir Studente fir den ëffentlechen Transport zu München (an am ganze Rescht vun Däitschland) ze benotzen.




Den 29€-Ticket kënnt der ganz einfach online bei der MVG bestellen an dann op ären Handy lueden:

[mvg.de/29euro]

Dofir braucht der nëmmen:

- Är aktuell Immatrikulationsbescheinigung*
- En M-Login-Account

**Nom WiSe 23/24 wahrscheinlech net méi*

Weider Informatiounen zum ëffentlechen Transport zu München fannt der online ënner:

[mvg.de]

[mvv-muenchen.de]

[semesterticket-muenchen.de]




**Rundfunkbeitrag**

De Runfunkbeitrag ass e Bäitrag fir déi ëffentlech rechtlech Sender (wéi ARD oder ZDF) deen ee bezuele muss. All „Haushalt" muss (onofhängeg dovunner, wéi vill Leit an enger Wunneng liewen) pro Mount 18,36€ bezuelen. Leider stellt dat fir verschiddener, virun allem déi, déi net an enger WG oder Studentenheem wunnen, eng weider finanziell Belaaschtung duer.

No villen Efforte vun der ACEL kann een sech awer als Lëtzebuerger Student, vum Rundfunkbeitrag befreie loossen, awer nëmmen wann een eng Bourse Sociale kritt. Beim Cedies kann een sech dofir e Formulaire ufroen. Fir dee genauen Oflaf, kuckt um Site vun der ACEL:

[https://acel.lu/2017/02/09/how-to-befreiung-vum-rundfunkbeitrag/]

Hei nach en interessanten Artikel zum Thema, inklusiv Musterbréiwer, fir d'Suen spéider erëm anzefuerderen:

[www.akademie.de/wissen/gez-rundfunkbeitrag-vorbehalt-anzeige]



Fir weider Informatioune besich déi offiziell Säit vum „Rundfunkbeitrag":

[www.rundfunkbeitrag.de]

**LSM-Socialmedias**

Last but not least: eis Socialmedias. Fir ëmmer um neiste Stand ze sinn, wat den LSM an seng Aktivitéite betrëfft, kanns du eis op Instagram an Facebook followen an eiser Facebook-Grupp bäitrieden:

**da_seppl_lsm**

**LSM - Lëtzebuerger Studenten zu München**

All eis Socialmedias







# Impressum

**Editeur**

Lëtzebuerger Studenten zu München
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

RCS Luxembourg: F2034

Site: www.lsm.lu

E-Mail: comite@lsm.lu

**Redakteren**

Charel MULLER, Eliane KLEIN, Daniel BINSFELD, Michel BICHLER, Bob STREBER, Steve HOSCHEIT, Anne BACKES, Gianni DI PAOLI, Michel PILOT, Felix SCHWARTZ, Louis EWEN

**Layout a Cover**

Gianni DI PAOLI, Louis EWEN

**Editioun**

1. Editioun 2013-2014 (Update 2016-2020)

2. Editioun 2020-2023

© 2023



© 2023 - Lëtzebuerger Studenten zu München a.s.b.l.